N°1721
Entrée le 06.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.01.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Virun net allze laanger Zäit war et gudde Brauch, dass op der Silvesternuecht d'Bierger dat neit Joer mat engem private Freedefeier begréisst hunn. Dëse Brauch gouf an de leschte Jore reviséiert, sief et aus Grënn vum Déiereschutz, der bannenzeger Sécherheet oder aus anere Grënn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng Positioun vertrëtt d'Regierung vis-à-vis zum privaten Ofschoss vu Freedefeier?
2. Wéi vill Asätz goufen et an de vergaangene fënnef Jore bei der Police an dem CGDIS a Verbindung mat Freedefeier um Silvesterowend?
3. Wéi vill Fäll goufen et, dass Hausdéieren um Silvesterowend fortgelaf sinn?
4. *In der Silvesternacht ist aufgrund eines Feuerwerkskörpers in einem Gebäude in der Nähe des Auchan in Differdingen ein Brand ausgebrochen.*

   Wéi eng Hëllef kréien Proprietairen, déi net doheem waren, an esou Fäll vum Staat?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°1721
Entrée le 28.01.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden op d'parlamentaresch Fro n°1721 vum 3. Januar 2025 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen zum Sujet Feux d'artifices pendant la Saint.-Sylvestre.**

1. D'Gemengenautoritéite kënnen d'Schéisse vu Freedefeier, op Basis vun den Dekreter vu 1789 a 1790, sou wéi den Artikelen 29, 58 a 67 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 reglementéieren, an déi noutwenneg Mesuren huelen, fir d'ëffentlech Sécherheet an d'Rou vun de Biergerinnen a Bierger ze garantéieren. D'Regierung huet net virgesinn, fir den aktuelle juristesche Kader ze änneren.

   Iwweregens ass d'Schéisse vu Freedefeier an deene meeschte Gemenge verbueden a just ausnamsweis an ënner verschiddenen Ëmstänn a Konditiounen erlaabt. Verschidde Gemengen hunn ugefaangen, Alternativen ze erlaben, fir bei feierlechen Evenementer d'Schéisse vu Freedefeier zum Beispill duerch "Light shows" oder "Light painting" z'ersetzen.

2. D'Asazzuele vun der Police wéinst dem Schéisse vu Freedefeier gesinn esou aus :

| Joer | Total Police-Asätz |
|---|---|
| 2020-2021 | 6 |
| 2021-2022 | 5 |
| 2022-2023 | 13 |
| 2023-2024 | 6 |
| 2024-2025 | 7 |
| **Total** | **37** |

   D'Asazzuele vum CGDIS betreffend Freedefeier op Silvester an de leschte fënnef Joer gesinn esou aus:

| Joer | Total Ambulanz-Asätz | Ambulanz-Asätz wéinst Freedefeier | Total Brand-Asätz | Brand-Asätz wéinst Freedefeier |
|---|---|---|---|---|
| 2020-2021 | 55 | 1 | 5 | 1 |
| 2021-2022 | 90 | 0 | 7 | 5 |
| 2022-2023 | 99 | 0 | 6 | 2 |
| 2023-2024 | 83 | 0 | 6 | 2 |
| 2024-2025 | 110 | 1 | 11 | 4 |
| **Total** | **437** | **2** | **35** | **14** |

   *(Zäitraum: 31.12 19:00 – 01.01 07:00)*

3. Den Inneministère féiert keng Statistiken iwwer vermëssten Hausdéieren.

4. Et gëtt keng staatlech Hëllef fir Affer vu Schied déi duerch Freedefeier entstane sinn.

Lëtzebuerg, den 28. Januar 2025
Le Ministre des Affaires intérieures
(s.) Léon GLODEN